Yossiya: dat 2. Würfelspill:

Alter: ab 5
Spiller: 2 - 3
Dauer: 5 - 10 Minutten
Zil vom Spill: de Villchen aus dem Käfig befreien
Iddi: Blanche Kails 25. 03. 2018
Prinzip: Würfelspill

Material: 1 Käfig matt Stangen, déi sich raushuëlle lossen an
1 Villchen
[oder: pro Spiller 1 Bild von 1 Villchen plus
pro Spiller 2 Schaschlik-Spiessen]
1 Spezial-Faarwe-Würfel: mof, orange, brung, rukt-rosa, giäll, wäiss
[oder: 1 normale Würfel (1-6) plus
1 Spezial-Würfelbilder-Läist plus
1 neutralen Dapp]
12 mof Scheiwen (Dauf)
12 orange Scheiwen (Fuuss)
12 brung Scheiwen (Hirsch)
12 giäll Scheiwen (Fee)
12 rukt-rosa Scheiwen (Tullita)

Start: No der Virbereedung gët eng Ronn gewürfelt: wee giäll hatt, fänkt aan.
Zil: Als ischte Spiller 2 Stangen op senger Käfigsäit raushuëllen [vom Bild rafhuëllen].

Virbereedung: De Käfig opriichten, de Villchen an d'Mëtt, d'Stangen op hir respektiv Platz. [Oder: all Spiller leet sengt Bild mam Villche viraan sich an di 2 „Stangen" drop.] An d'Mëtt vom Dësch komme 5 Kipp leie matt je 12 Scheiwen; gesënnert: all Faarf eenzel. [Bäi engem Normalwürfel (1-6) gët di Spezial-Würfelbilder-Läist op den Dësch gelaacht an deen neutralen Dapp derniäwwent.]

Spillverlof: Et geet drëm, fir Scheiwen ze sammelen: ween **1 mof, 1 orange an 1 brung** Scheif zesamen hatt, kann eng Stang op senger Säit vom Käfig raushuëllen [oder vo sengem Bild rafhuëllen]. Di 3 Scheiwe gi geent d'Käfigstang getosch, also hannich an d'Mëtt op dee respektive Kupp gelaacht. **Et gët der Rei no gewürfelt.** [Wann d'Spiller matt engem Normalwürfel spillen, da gët deen neutralen Dapp op dat Würfelbild gesatt, dat där gewürfelter Zal entsprécht. Domatt kennt de Spiller dann déi Faarf, déi fir heen an där Ronn gëllt.]

wäiss = näist maan a passen
mof = 1 mof Scheif huëllen a viraan sich leeën
orange = 1 orange Scheif huëllen a viraan sich leeën
brung = 1 brung Scheif huëllen a viraan sich leeën
giäll = 1 giäll Scheif huëllen a viraan sich leeën
rukt-rosa = 1 rukt-rosa Scheif huëllen an
domatt 1 mof, 1 orange **oder** 1 brung Scheif zoudecken oder…
di rukt-rosa Scheif ënnert di giäll Scheif leeën oder ….
eng Stang hannich setzen [leeën] oder….
di rukt-rosa Scheif einfach ëmdréien

Ween **1 rukt-rosa Scheif** hëllt an en hatt **keng anner Scheif:** mof, orange, brung oder giäll, dee muss soss näist maan wéi di rukt-rosa Scheif **ëmdréien**: déi hatt dann näist mi ze soen.

Mä opgepasst: Ween **1 rukt-rosa Scheif** hëllt an en hatt keng mof, keng orange, keng brung a keng giäll Scheif, mä heen hatt well eng **Käfig-Stang**, deen haat Pech: dann ass d'**Stang fort**! De Spiller muss d'Stang hannich an de Käfig steechen [resp. op d'Bild leeën] an di rukt-rosa Scheif gët ëmgedrikt.

Ween **1 rukt-rosa Scheif** hëllt an en hatt well **eng anner Scheif**: mof, orange **oder** brung, äwwer keng giäll, dee muss **eng dovaa** matt där rukt-rosaer Scheif **zoudecken**: déi ass da fir dat ganzt Spill agespaart. (Déi rukt-rosa Scheif kënnt ëmgedrikt op di faarwig Scheif leien.) (De Spiller wiällt, wéi eng Scheif heen zoudeckt.)

Ween **1 rukt-rosa Scheif** hëllt an en hatt **eng giäll Scheif**, dee kann di **rukt-rosa Scheif** matt där giäller **zoudecken**: déi hatt dann näist mi ze soen. (Déi rukt-rosa Scheif kënnt ënnert di giäll Scheif leien.) De Spiller ka wiällen, ob heen eng giäll oder eng anner Scheif (mof, orange, brung) hëllt, fir di ruktrosa Scheif ze neutraliséieren. (Well et ka sënn, datt de Spiller well vill Scheiwe von enger annerer Faarf hatt, äwwer nëmmen eng giäll.)

Ween di **3 Scheiwen zesamen** hatt: **1 mof an 1 orange an 1 brung**, deen hëllt 1 Stang aus dem Käfig raus [vom Bild raf] a leet së viraan sich op den Dësch; hee leet di 3 Scheiwen zréck an d'Mëtt.

Spillschluss: Wann 1 Spiller 2 Stangen hatt, dann ass de Villche fräi an d'Spill ass riwwer.
Gewënner: Dee Spiller ass dann och de Gewënner.